

Lëtzebuerg, den 20. November 2019

ENDLECH : E KOMPROMËSS ZUR REGULARISÉIERUNG VUN DE KANDIDATEN

Léif Membere vun der Féduse/Enseignement-CGFP,

Wéi dir an eisem Communiqué vum 1. Oktober 2019 noliese kënnt, ware mir mat de Proposen zur **Regulariséierung vun de Candidats-professeurs sursitaires**, déi eis den 23. September 2019 vum Educatiounsminister duergeluecht goufen, iwwehapt net averstanen. An demselwechte Communiqué hu mir eis Fuerderunge formuléiert, wéi eng fair Regulariséierung vun de Candidats-professeurs sursitaires eiser Iwwerzeegung no sollt ausgesinn. Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP huet misste garantéiert sinn, dass fir **all d'Diskriminatioune** vun de Candidats-professeurs sursitaires misst eng Léisung fonnt ginn, sou wéi och vun der Chamber gefuerdert¹, ouni dobäi nei Ongerechtegkeeten ze schafen.

No weideren, ganz intensiv a kontrovers gefouerte Verhandlungsrinnen si mir frou, iech kënne matzedeelen, dass de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP e **Kompromëss** (den offiziellen Text wäert geschwënn vum MENJE verëffentlecht ginn) mam Educatiounsminister Claude Meisch an dësem Dossier fonnt huet. Mir wëllen drop hiweisen, dass dëst vun eis ausgehandelt Resultat am Prinzip och fir d'Kolleginnen a Kollegen **Maîtres de cours spéciaux, Maîtres d'enseignement technique a Formateurs d'adultes** gëllt.

¹ Cf. Chambermotioun, déi den 11.7.2019 mat 58 Jo - Stëmme ugeholl gouf.

Dräi Weeër zur definitiver Nominatioun

E Candidat-professeur sursitaire kann zukünfteg iwwert **dräi verschidde Weeër** seng definitiv Nominatioun als Professor ausléisen:

1. Méiglechkeet: De Candidat-professeur sursitaire gëtt een TC of

Bis zum **1. Abrëll 2027** wäert et fir de Candidat-professeur sursitaire weiderhi méiglech sinn, een Travail de candidature ofzeginn an op dësem classesche Wee Professor ze ginn. Och wann dëst natierlech keng nei Errongenschaft ass, sou war et eis wichteg, dass déi Kolleginnen a Kollegen, déi aktuell hiren TC ugefaangen hunn, dësen och weiderhin, ewéi geplangt, kënnen erareechechen a verdeedegen.

2. Méiglechkeet: De Candidat-professeur sursitaire schafft een „Travail dans l'intérêt de l'éducation nationale“ aus

Detailer zu dëser Aarbecht, déi vum SCRIPT begleet gëtt, wäert de MENJE zäitno bekannt ginn. Den „Travail dans l'intérêt de l'éducation nationale“ soll sech am Verglach zum TC inhaltlech vill méi no un der Praxis orientéieren. Ee Beispill heifir wär d'Ausschaffe vun digitaalem Unterrichtsmaterial, dat konkret a geziilt am Schoulalldag kann agesat ginn.

3. Méiglechkeet: De Candidat-professeur sursitaire sammelt bis zu 270 Leçonon op sengem Zäitpuerkont

<i>Virbemierkung: 270 eenzel Leçonon entprieche 7,5 Leçonon an der Tâche, déi während 36 Schoulwochen, also engem ganze Schouljoer, geleescht ginn.</i>		
Gesamtunzuel u Leçonon iwwert ee ganz Schouljoer gekuckt	$\xleftrightarrow{\quad : 36 \quad}$ $\xleftarrow{\quad \times 36 \quad}$	Unzuel un Leçonon pro Woch iwwert ee ganz Schouljoer gekuckt (eis normal Wochentâche)

Fakt ass, dass all Candidat-professeur sursitaire no senger éischer Nominatioun als Candidat-professeur während 18 Méint eng Decharge vu 5 Leçonon pro Woch krut (insgesamt also 7,5 Leçonon pro Woch iwwert ee ganz Schouljoer, wat 270 eenzele Leçonon entsprécht), fir déi hien net déi gewënschte Géigeleeschtung a Form vun engem Travail de candidature erbruecht huet. Andeems de Professeurs-candidats sursitaires allerdéngs jorelaang d'Applizéiere vu Koeffizienter op hire Schoulstonne verweigert gouf, hunn déi betreffen Enseignanten d'« Schold » vun hirer ursprénglecher Decharge längst amortiséiert, sou dass eiser Usicht no kee weidere Bäitrag hirersäits méi ze leeschte gewiescht wär.

Dëst huet den Educatiounsminister awer ganz anescht gesinn an huet drop bestanen, dass all Candidat-professeur sursitaire seng Decharge vun deemools zréckbezuele misst. Och

d'Chambermoung zu dësem Sujet, déi den 11. Juli mat grousser Majoritéit ugeholl gouf, gesäit explizitt vir, dass bei der Regulariséierung vun deene betroffenen Agenten dëser Decharge soll Rechnung gedroe ginn.

Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP ass awer net a Fro komm, dass grad déi Enseignanten, déi an deene leschte Jore schonn déi meeschte Stonne gehalen hunn, elo nach eng kéier 270 Leçonnen als Iwwerstonne leeschte missten, éier si endlech kënnen regulariséiert ginn!

Als **Kompromëssléisung** gouf dofir Folgendes zréckbehalen: **Ab der Rentrée 2020/2021 kritt all Candidat-professeur sursitaire, deen eng voll Tâche huet, ouni weider Géigeleschtung PRO TRIMESTER 40 eenzel Leçonnen (= 1,11 Leçonnen pro Woch iwwert e ganz Schouljoer) op säin Zäitspuerkont (CET) iwwerweisen**, an zwar ganz onofhängeg vum jeeweilige Fach souwéi der geneeër Compositioun vu senger Tâche. **Pro Schouljoer kritt de Candidat-professeur sursitaire also automatesch op mannst 120 Leçonnen (spréich 3,33 Leçonnen an der Wochentâche) um CET guttgeschriwwen.** Bei partieller Tâche gëtt d'Unzuel u Leçonnen entspriechend proratiséiert. Zousätzlech heizou däerfe selbstverständlech och geleschten Iwwerstonnen op den Zäitspuerkont abezuel ginn, an zwar bis zum laut CET-Gesetz erlaabte Maximum vu 4,4 Leçon pro Woch iwwert ee Joer (entspréicht insgesamt 158,4 eenzele Leçonnen). Dës Urechnung vun engem pauschale Betrag ass méi effikass wéi individuell Koeffizienten, well esou séchergestallt gëtt, dass jiddereen seng Decharge fir den TC zréckbezuele kann. En plus ass dëst onofhängeg dovun, ob e Candidat-professeur sursitaire bei senger Klassen iwwerhaapt Koeffizienter (> 1) kréie géif, respektiv ob hien a senger Schoul, a sengem Fach oder duerch seng eventuell partiell Tâche iwwerhaapt Iwwerstonne kréie kéint. Dee Moment ass och garantéiert, dass ee bei voller Tâche, och ouni nei Iwwerstonne respektiv ouni scho bis September 2020 um CET ugespuerten Iwwerstonnen, a manner wéi dräi Joer ka regulariséiert ginn. **Et sief drop higewisen, datt een net bis zum Akraafttriede vum Accord waarde muss, fir Iwwerstonnen um CET unzesammelen, mee dëst och elo direkt scho méiglech ass (cf. eise Communiqué vum 16.11.19).**

Soubal de Candidat-professeur sursitaire eng gewëssen Unzuel u Leçonnen ugespuert huet (cf. Tabell hei ënnendrënner), kritt hien seng definitiv Nominatioun als Professor. Dëst kann also duerchaus och während engem lafende Schouljoer de Fall sinn. Fir déi Kolleginnen a Kollege Candidats-professeurs sursitaires z'entlaaschten, déi scho méi laang ënnert dem Statut vu Candidat-professeur sursitaire verbruecht hunn, gouf deen z'erreechende Seuil u Leçonnen an 3 Paliere gestaffelt:

Datum vun der 1. Nominatioun	Ze erreechende Palier (Gesamtunzuel u Leçonnen iwwert ee ganzt Schouljoer gekuckt)	Ze erreechende Palier (Unzuel un Leçone pro Woch iwwert ee ganzt Schouljoer gekuckt)
2013 - 2019	270	7,50
2007 - 2012	230	6,39
2001 - 2006	190	5,28

Déi ugespuerte Leçone ginn zum Zäitpunkt vun der definitiver Nominatioun erëm vum CET ofgebucht. Ab dësem Moment kënt de Professor och an de Genoss vun deenen normale Koeffizienter an Altersdechargen (1 Leçon ab 45 Joer, 2 Leçonnen ab 50 Joer a 4 Leçonnen ab 55 Joer).

Unerkennung vun der karriärspezifischer Anciennetéit

No senger definitiver Nominatioun als Professor, iwwert ee vun deenen dräi Weeër, entfält selbstverständlech direkt déi ominéis « **Réduction de traitement** » vun **30 Points indiciaires**, déi all Candidat-professeur sursitaire op senger Pai applizéiert kritt. Fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP war awer vun Ufank u kloer, dass eleng d'Entfale vun deenen 30 Stropunkten net duergeet, fir den Diskriminatioun g'éintiwwer de Candidats-professeurs sursitaires een Enn ze setzen.

Fir ze verhënneren, dass déi regulariséiert Agenten no hirer Nominatioun als Professor och weiderhin déi niddregste Pai an der gesamter Carrière supérieure (bei selwechter Anciennetéit) hätten, hu mir mat Nodrock gefuerdert, déi karriärspezifesch Avancementer («*Doubles échelons supplémenaires*») réckwierkend op den Datum vun der éischer Nominatioun unzëerkennen, an zwar fir alleguer d'Beamten, déi eng éischt Nominatioun als Candidat-professeur kruten. **No ganz zéie Verhandlung konnt de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP sech mam Educatiounsminister op de Kompromëss eenegen, dass d'Karriär vum Sursitaire net eréischt ab der definitiver Nominatioun als Professor ufänkt, mee réckwierkend op de 1. Oktober 2015² reconstituéiert gëtt. Vun dëser Reconstitution de carrière profitéiert net nëmmen all Candidat-professeur sursitaire direkt no senger Regulariséierung, mee och eng ganz Rei Kolleginnen a Kollege Professeren, nämlech all déi, déi nom 1.10.2015 hiren Travail de candidature ofginn hunn. Och hir Karriärsentwécklung gëtt retroaktiv op dësen Datum³ reconstituéiert.**

² Op dësem Datum ass déi grouss Reform vun der Fonction publique a Kraaft getrueden, mat der Konsequenz, dass den Travail de candidature säitdem keng Condition d'accès méi duerstellt, fir an d'Karriär vum Professor ze kommen.

³ Am Fall, wou déi éischt Nominatioun als Candidat-professeur nom 1.10.2015 erfollegt ass, gëllt den Datum vun dëser éischer Nominatioun als Datum fir Berechnung vun deene karriärspezifischen Avancementer.

Unhand vu folgende **Musterbeispiller** soll den Effekt vum getraffenen Accord méi konkret verdäitlecht ginn:

Beispill 1: *Een Agent krut seng 1. Nominatioun als Candidat-professeur virum 1.10.2015 an huet ni een TC ofginn, sou dass hien och haut nach ëmmer Candidat-professeur sursitaire ass. Hien krut dowéinst bis ewell och kee vun deenen zwee «Doubles échelons supplémentaires⁴» an huet aktuell monatlech 60-90 Points indiciaires manner wéi ee Professor mat gläicher Anciennetéit, deen direkt säin TC geschriwwen hat. Nodeems dee vun der Féduse/Enseignement-CGFP ausgehandeletem Accord a Kraaft getrueden ass an nodeems dësen Agent iwwert ee vun deenen dräi uewe beschriwwene Weeër seng definitiv Nominatioun als Professor krut, gëtt seng Karriär op den 1.10.2015 zrëckgerechent. Dëst bedeit, dass him ni dem Entfale vun deenen 30 Stropunkten och direkt deen éischten «Double échelon supplémentaire» zousteet. Deen zweeten «Double échelon supplémentaire» kritt hien den 1.10.2025.*

Beispill 2: *Een Agent krut seng 1. Nominatioun als Candidat-professeur den 1.2.2012 a gouf eréischt den 1.9.2018 als Professor nominéiert, nodeems hie mat vill Verspéidung endlech säin TC ofginn huet a schonn op ganz vill Pai verzicht huet. No deenen aktuell nach gëltege Reegele géif hien den 1.9.2021 säin éischten «Double échelon supplémentaire» an den 1.9.2028 säin zweeten «Double échelon supplémentaire» kréien. Nodeems dee vun der Féduse/Enseignement-CGFP ausgehandeletem Accord a Kraaft getrueden ass, géif dësen Agent säin éischten «Double échelon supplémentaire» direkt kréien, an deen zweete schonn den 1.10.2025.*

Beispill 3: *Een Agent krut seng 1. Nominatioun als Candidat-professeur den 1.9.2017 a gouf den 1.3.2019 als Professor nominéiert, nodeems hie säin TC ofginn huet. No deenen aktuell nach gëltege Reegele géif hien den 1.3.2022 säin éischten «Double échelon supplémentaire» an den 1.3.2029 säin zweeten «Double échelon supplémentaire» kréien. Nodeems dee vun der Féduse/Enseignement-CGFP ausgehandeletem Accord a Kraaft getrueden ass, géif dësen Agent säin éischten «Double échelon supplémentaire» den 1.9.2020 kréien, an deen zweete schonn den 1.9.2027.*

Et sief erwäant, dass heivun och déi dräi Promotiounen profitéieren, déi hir Nominatioun als Candidat-professeur an de Joren 2015, 2016 an 2017 kruten, also zu engem Zäitpunkt, wou den Travail de candidature als Condition d'accès fir d'Karriär vum Professor de facto schonn ofgeschaaft war.

Professeren, déi zur gläicher Zäit hire Stage ofgeschloss hunn an domat zur gläicher Zäit hir éischt Nominatioun als Candidat-professeur kruten, hunn duerch dësen Accord spëtstens ab dem 1.10.2025 déiselwecht Pai an déi selwecht Aarbechtskonditiounen, an zwar onofhängeg dovun, ob si hir definitiv Nominatioun duerch d'Ausschaffe vun engem TC oder duerch Regulariséierung kruten. **Dëst bedeit awer net, dass dee Professor, deen en TC ofginn huet, dësen ëmsooss gemaach huet!** Et ass nämlech sou, dass duerch dësen, vum Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP ausgehandeltem Accord kee regulariséierten Ex-Candidat-professeur sursitaire eppes nobezuelt kritt, wat hien doduerch verluer huet, dass hien säin TC net an der Reegelzäit ofginn huet. Deen deels gewaltege Paiënnerscheed par rapport zum Professor, deen sech iwwert d'Joren ugesammelt huet, gëtt net retroaktiv ausgeglach.

⁴ Een « Double échelon supplémentaire » sinn am Prinzip 30 Points indiciaires, also ronn 600 Euro brutto.

Mir wëllen onmëssverständlech drop insistéieren, dass dësen Accord keng Opwärtung vun der Karriär vum Professor E7 duerstellt, mee just eng längst iwwefälleg Korrektur vu jorelaanger Diskriminatioun vun de Candidats-professeurs sursitaires!

Fir dësen Accord ëmzesetzen, wäerten Ännerungen a verschiddene Gesetzestexter noutwendeg sinn. Falls déi ëmgeännert Texter net sollte bis zum **15.9.2020** déi legislativ Prozedur duerchlaf hunn a gestëmmt gi sinn, sou wäert trotzdeem réckwierkend dësen Datum als **Date d'entrée en vigueur** fir déi nei Bestëmmunge gëllen.

D'Auswierkung vum dësem Accord op déi zukünfteg **Mutatiounsprozedur** bleiwen nach ze klären.

Wéinst deene villfältegen an déifgräifenden Diskriminatiounen am Bezug op d'Candidats-professeurs sursitaires war d'Regulariséierung vun dësen Agente fir de Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP an deene leschte Joren den Dossier mat där héchster Prioritéit. **Nodeems dësen duerch den ausgehandelete Kompromëss erfollegräich konnt ofgeschloss ginn, erkläre mir ab elo d'allgemeng Revalorisatioun vun der Karriär vum Professor E7 als nei Prioritéit,** zumindest wat de Volet « materiell Fuerderungen » vun eiser Gewerkschaftsaarbecht ugeet.

Revalorisatioun vun der Karriär E7

Säit der grousser Reform an der Fonction publique (1.10.2015) ass den Travail de candidature keng Condition d'accès méi fir an d'Karriär vum Professor. Dobäi kënnt, dass duerch déi rezent Reform vum Stage (1.9.2019) dësen elo nodréiglech ganz staark vereinfacht gouf (Ofschwäche vun der Période probatoire, Ofschafe vum Memoire a vun aneren zertifikativen Elementer). **Gläichzäiteg profitéieren déi nom 1.10.2015 agestallte Kolleginnen a Kollege Professere vun enger méi lukrativer Karriärsentwécklung wéi d'E7-Professeren, déi hirersäits een däitlech méi hürderäiche Parcours hu misste meeschten.**

Op enger laang erwaarter Entrevue mam Minister vun der Fonction publique, Marc Hansen, Ufank Dezember, wäerte mir dësem een detailléierte Fuerderungskatalog mat Moosnamen zur Revalorisatioun vun der Karriär vum Professor E7 an zur Valorisatioun vum Travail de candidature virstellen.

Mat beschte Gréiss,

De Comité vun der Féduse/Enseignement-CGFP